

# Action pour un Monde Uni

Organisation non gouvernementale (ONG) agréée par le Ministère de la Coopération et de l'Action humanitaire

Pernambouc, Brésil, fin 2020
Distribution d'aides alimentaires



## Bulletin 1/2 de juin 2021

BIL LU14 0021 1349 0900 0000 CCP LU83 1111 1287 6344 0000
RCS Luxembourg F3567

11, Kirchestrooss L-5741 Filsdorf
Tél.: 26 67 12 61 Fax: 23 67 63 75 www.amu.lu office@amu.lu

### Léif Leit,

Et ass elo well e bëssi méi wéi e Joer hier datt ech bei der AMU derbäi sinn. Ech war deemools zimmlech rezent no enger längerer Rees erëm am Land. Op där Rees hunn ech wuel villes erlieft; Guddes an Onvergiessleches wéi och Situatiounen déi mech un d'Nodenke bruet hunn an heiansdo och schockéiert hunn. Dat si Momenter wou een sech bewosst gëtt wéi gutt mer et heiheem hunn a wéi staark eis Welt dach eigentlech an engem Ongläichgewiicht ass. Do gëtt een dann eng Kéier gutt geréselt. Vun deenen Iwwerleeunge bis bei d'AMU war et dunn dank mengem Cousin, dem Claude, net méi wäit.

No deem éischte Joer kann ech nëmme soen datt et eng grouss Freed ass mat der Equipe vun der AMU ze schaffen. D'Projete kennen ze léieren an ze suivéieren ass enorm spannend. Am besonnesche Kontext vun der Covid-19 Kris ass et befriddegend ze gesinn dat eis Partner an de verschiddene Länner Weeër a Moyene sichen d'Projete weider ze bréngen, och wann et extrem schwéier fir si ass. Hir Aarbecht um Terrain a Südamerika an Afrika kann do net héich genuch bewäert ginn. Wat mech och beandrockt ass d'Ënnerstëtzung, trotz (oder vläicht och grad wéinst) de schwieregen Zäiten, vun all eisen Donateuren a Benevollen heiheem (ech wëll do d'Equipe vum Buttek Mosaïk ervirhiewen).

Den aktuellen Accord Cadre kënnt esou lues op en Enn an d'Equipe vun der AMU schafft mat Héichdrock um nächsten. Et ass an deem Kontext schéin ze gesinn datt vill Wäert op d'Kontinuitéit vun de Projete geluecht gëtt. Dat ass eng exzellent Basis fir de laangfristegen Erfolleg vun eise Projeten ze garantéieren.

Ech hoffen datt mer geschwënn erëm op méi normal Zäiten zousteieren an datt ech Iech dann emol bei enger AMU Manifestatioun oder bei eiser Generalversammlung och perséinlech begéine kann.

Lo bleift mer nëmmen nach Iech ganz vill Spaass beim Liesen ze wënschen.

Tom Steichen

Member vum CA

### NEI! Newsletter per Email

2 mol am Joer, tëschent de Bulletinen am Juni an November, verschécke mir eng kleng Newsletter per Email. Sidd Dir interesséiert dës ze kréien? Dann schreift Iech op eiser Internetsäit mat Ärer Email-Adress an: www.amu.lu/publications

Wann Dir och de Bulletin just nach per Email wëllt geschéckt kréien, da sot eis Bescheed per Email: office@amu.lu

### ... Zu Besuch um Ministère

Am Oktober 2020, war d'AMU eng vu 5 ONGen, déi op de Ministère des Affaires Étrangères et Européennes - Direction de la coopération au développement et de l'action humanitaire invitéiert goufen, fir iwwert hier Aktivitéiten am Kader vun der Coronakris z'erzielen. Eise Vize-Präsident Dr. Bechara Ziade huet dem Premierminister Xavier Bettel an dem Kooperatiounsminister Franz Fayot erkläert, wéi mir eise Projetspartner am Süden an dëser Kris ënnert d'Äerm gräifen. E Budget vun 139.079,65 € hu mir säit Ufank vun der Pandemie fir Covid-19 Hëllefen affektéiert. Déi gréisst Erausfuerderung ass d'Versuergung vun der Populatioun mat Liewensmëttel. Vill Léit déi virun der Kris schonn um Existenzminimum gelieft hunn, sinn elo an déi absolut Aarmut gefall an hunn Schwieregkeete fir hir Liewensmëttel opzekommen. Dëse Covid-19 Budget ass awer och agesat gi fir eis Partnerklinike besser ze equipéieren an si bei der Prise en charge vun de Patiente kënnen ze ënnerstëtzten.



Dr. Bechara Ziade erkläert wéi mir virgaange sinn an der Coronakris
© SIP / Emmanuel Claude

## ... Vernetzt arbeiten, voneinander lernen und sich gegenseitig stärken

Seit Januar 2018 arbeitet AMU in einem Rahmenabkommen mit dem Kooperationsministerium. Ein wichtiges Ziel hierbei ist die Vernetzung unserer Partner. Es geht darum, voneinander zu lernen, sich gegenseitig zu stärken und nationale sowie internationale Netzwerke aufzubauen.

Mehrere Workshops wurden im Laufe der vergangenen 3 Jahre organisiert. Diese ermöglichten es unseren Partnern, sich gegenseitig kennenzulernen und die Aktivitäten der vereinzelten Partner zu verfolgen. Viele Gemeinsamkeiten wurden hervorgehoben, Schwierigkeiten wurden aufgedeckt und Möglichkeiten der Zusammenarbeit wurden erörtert. Die Pandemie bremste den Elan unserer Partner zeitweilig etwas, jedoch wurden die Aktivitäten inzwischen mittels kleinerer Workshops und digitaler Konferenzen wieder aufgenommen. Nun geht es darum, die Ideen die aus diesen ersten Workshops entstanden, weiter auszuführen und gegebenenfalls in die Praxis umzusetzen.


Austausch in Dar es Salaam, Tansania 2020 zwischen zwei unserer Partner

2021 - das letzte Jahr unseres Rahmenabkommens war der perfekte Zeitpunkt dieses Ziel der Vernetzung unserer Partner zu bewerten und eine erste Bilanz zu ziehen. Ein externes Gutachten wurde durchgeführt - Resultat: die Vernetzung der Partner ist effizient und wichtig, sollte aber noch genauer definiert und stärker von der AMU begleitet werden.

Während AMU nun das nächste Abkommen mit dem Ministerium vorbereitet (2022-2026), wird hierfür das Gespräch mit jedem Partner gesucht: Was war interessant? Welche Ideen/Bedürfnisse habt ihr? Wie stellt ihr euch die nächsten Vernetzungsaustausche vor? Usw.

Ein paar ganz konkrete Aktivitäten sind aus den Netzwerkworkshops entstanden. Die Geburtenstation Moyi Mwa Ntongo in Kinshasa beispielsweise fand heraus, dass viele unserer Partner nur begrenzt Kenntnisse über Ultraschalluntersuchungen besitzen und es oft zu Komplikationen kommt, da die notwendigen Fachkenntnisse nicht vorhanden sind. Ziel im kommenden Projekt wird es sein, unsere medizinischen Partner aus Uganda, Kongo und Tansania mittels eines zweimonatigen Praktikums in Kinshasa in diesem spezifischen Bereich auszubilden. Hierfür soll auch ein Ultraschallgerät erworben werden, was zunächst zur praktischen Weiterbildung dienen wird. Nach Abschluss der Weiterbildungen, kommt das Ultraschallgerät dann im Moyi Mwa Ntongo in den Einsatz.


Dr. Arthur Ngoy in der Geburtenstation des Moyi Mwa Ntongo

Auch in Südamerika entstand eine interessante und wertvolle Zusammenarbeit. CPT (Commission Pastorale de la Terre), unser lokaler Partner in Brasilien, ist tätig im Bereich der Landwirtschaft und kennt sich bestens mit Wasserauffanginstallationen aus. Die Casa de los Niños, ein Sozialzentrum in Cochabamba in Bolivien, hingegen ist immer wieder mit Wasserengpässen konfrontiert. Zusammen mit dem technischen Büro von Suma Fraternidad in Argentinien haben die 3 Organisationen ein Projekt zur Wasserversorgung des Sozialzentrums in Cochabamba eingereicht. CPT liefert das technische Know-How (Berechnungen, Planung, Weiterbildung vor Ort, usw) und Suma Fraternidad hilft bei der Ausarbeitung und Formulierung des Projektes (Logical Framework, Budget, usw).

Des Weiteren soll im Rahmen unseres nächsten Abkommens eine Geburtenstation in Tshumbe, im Inneren des Kongos errichtet werden. Die Erfahrungen und fachlichen Kompetenzen der Geburtenstation in Kinshasa, welche dank AMU 2016 eröffnet werden konnte, werden hier von großem Vorteil sein. Mehrere Treffen zwischen den beiden Organisationen werden hierfür vorgesehen.

Unsere Partner begrüßen diese Austauschmöglichkeiten sehr und freuen sich über die Möglichkeit. Dank des externen Gutachtens konnten viele Verbesserungsvorschläge ausgearbeitet werden, welche alle in die Planung der zukünftigen Aktivitäten, die ab Januar 2022 anlaufen, einfließen. Unter anderem ist auch geplant, dass die AMU selbst öfter und intensiver an den Treffen beteiligt ist. In den kommenden Wochen und Monaten werden in Zusammenarbeit mit dem Außenministerium alle Aktivitäten intensiv geplant und gemeinsam besprochen.

Jil Streber

**Soutenez nos projets actuels cofinancés**

***Tanzanie***
Bukoba: Soutien aux femmes.
Budget 16.446,02,- €

Bukoba: Education de jeunes filles.
Budget 84.700,09 €

Nyakaiga: Amélioration des services de santé de l'hôpital régional. Budget 80.051,39 €

Dar es Salaam: Consultation et sensibilisation nutritionnelle à la maternité. Budget 83.750,- €

***Ouganda***
Kampala: Traitement du VIH/SIDA.
Budget 405.735,20 €

***R.D.Congo***
Kinshasa, Kikwit et Lubumbashi: Formations professionnelles continues.
Budget 375.527,68 €

***Brésil***
Pernambouc: Agronomie familiale écologique.
Budget 292.631,19 €

***Argentine et Bolivie***
Renforcement des capacités de 9 organisations sociales. Budget 335.657,14 €

***Mise en réseau*** entre les partenaires africains et sud-américains. Budget 54.700,- €

***Réaffectations pour l'urgence COVID-19***
Soutien des partenaires en Argentine, Bolivie, Brésil, Inde, Ouganda, Pérou, R.D. Congo, Syrie, Tanzanie. Budget 139.079,65 €

## ... E Projet a Südamerika leeden a begleeden

D'Carmen Peréz geréiert säit Mäerz 2018 de Projet deen d'AMU a Südamerika zesummen mat der lokaler ONG „Suma Fraternidad" ëmsetzt. Heibäi geet et drëms, lokal ONG'en ze professionaliséieren. Mir haten d'Carmen fir Iech am Interview an hunn hatt zu sengen Erfarungen an Erliefnisser befrot.

JS: Mir steieren op d'Enn vun dësem 4-järege Projet zou. Kanns de eis vun denger Aarbecht an Argentinien a Bolivien erzielen?

CP: Mäin Numm ass Carmen, ech sinn ursprénglech aus dem Peru, liewen awer momentan zu Buenos Aires an Argentinien. Dëse Projet ze geréiere war fir mech eng ganz flott a léierräich Erfarung. Eis Organisatioun begleet verschidden ONGen a bitt hinne Weiderbildungen un, esou dass si hir Kapazitéite kënnen ausbauen an hire Management gestäerkt gëtt. Dank der AMU konnte mir elo en zweete Projet duerchféieren, de Projet TANGO 2 (Technical Assistance to NGOs). 9 Organisatioune sinn Deel vun dësem Projet (2 a Bolivien a 7 an Argentinien). Zil ass et, si engersäits an der Formulatioun an Ëmsetzung vu Projeten ze stäerken an ze begleeden, an hinnen anerersäits ze hëllefen, méi Donateure fir hir Projeten ze fannen.


D'Carmen (riets) mat de Responsabelen aus dem Migratiounszentrum

JS: Deen éischte Projet, TANGO 1 mat 21 Organisatiounen war och den Ufank vu Suma Fraternidad. Wéi war dat fir är Organisatioun?

CP: Dësen éischte Projet war ganz wichteg fir eis, mir hunn vill geléiert a sinn als Organisatioun un dëser Aufgab gewuess. Den zweete Projet ass a Kontinuitéit mat deem éischte mee erlaabt et eis nach e Schratt méi wäit ze goen. Déi Verännerungen déi mir erreeche wëllen, kann een net vun haut op muer erzilen. Dofir ass et schéin dass d'AMU eis elo scho 7 Joer an eiser Missioun ënnerstëtzt. Dëst gëtt eis Zäit, d'Organisatioune genau kennen ze léieren, hir Problemer, Stäerkten a Schwächten ze verstoen. Den éischte Projet hu mir evaluéiert an erausfonnt wouropper mir eis an enger zweeter Phase nach méi staark musse konzentréieren:

- Ënnerstëtzung an der Formulatioun vu Projeten
- Formatiounen an administrativen Aarbechten. Et si kleng Organisatiounen déi aus nëmmen e puer Leit bestinn. Dës Leit mussen sech deemno a ville Beräicher gutt auskennen.
- D'Aktivitéiten méi zilorientéiert ausschaffen a méi Mëttel zur Disponibilitéit stellen.


Projet: Physiotherapie a Bolivien

JS : Du hues dëse Projet vum Massimiliano Curti iwwerholl. Wéi war dat fir dech?

CP: Fir mech war dat eng flott Erausfuerderung bei där ech vill geléiert hunn. De Massi huet dës Aarbecht jorelaang gemaach an hat en enke Kontakt zu de Responsabele vun deenen eenzelen Organisatiounen. Ech hat dee Kontakt net an och d'AMU war mir nach zimmlech friem. De reegelméissegen Austausch a besonnesch d'Visitte vu verschiddene Comitésmemberen hunn eis awer séier vertraut gemaach.

Fir déi lokal Organisatioune besser kennen ze léieren, hunn ech se am Ufank eemol all besicht. Dës Treffen hu mir et erméiglecht déi eenzel Leit kennen ze léieren an hir Missiounen ze verstoen. Si hunn hir Suergen an Ängschte mat mer gedeelt an ech hunn agesi wat fir eng grouss Missioun mir bei Suma Fraternidad wierklech hunn. D'Kompetenzen déi si dank eise Fachleit kréien, sinn essentiell fir nohalteg deene Léit kënnen zur Säit ze stoen déi et am meeschte brauchen. Ech si frou en Deel vun esou enger wichteger Missioun ze sinn.


Visitte mam Carmen bei enger ONG mam Claude a Marianne Metz, August 2019

JS: Wéi war et fir dech d'Entwécklung vun deene verschiddenen ONGe matzëerliewen?

CP: Beim éischte Projet hu mir gespuert dass d'Organisatioune méi zeréckhalend a skeptesch géigeniwwer eise Formatioune waren. Haut ass dat anescht, si gesi wéi wichteg et fir si ass zesummen ze schaffen a vun eneen ze léiere fir méi wäit ze kommen.

Eng weider grouss Erausfuerderung war den Asaz vun de modernen Technologien déi déi aktuell Pandemie erbäi forcéiert huet. D'Pandemie huet eis gewise wéi schwaach mir an dësem Beräich waren. Ëmsou méi huet et mech beandrockt ze gesinn, dass keng vun eisen Organisatiounen opgehalen huet mat schaffen. Si hunn sech zesumme gedoen an hir Aktivitéiten, Strategien a Virgoensweisen iwwerschafft.

JS: Wat waren déi lescht 4 Joer déi wichtegst Aktivitéiten déi dir realiséiert hutt?

CP: Am wichtegste war déi technesch Ënnerstëtzung fir d'ONGe bei der Ausschaffung vun deenen 9 Projeten. Zousätzlech zu deenen 9 Projeten, hu mir dann nach weider Projete mat deenen 9 ONGen ausgeschafft déi bei anere Bailleuren agereecht goufen. Mir hu si ëmmer begleet a verschidden Atelieren a Formatiounen ugebueden, zum Beispill an de Beräicher Kommunikatioun, Ethik, etc.

JS: Wat huet dech am meeschte gepräägt?

CP: Dat ware ganz kloer d'Aktivitéiten déi mir an der Pandemie zesummen ausgeschafft hunn. Dës Pandemie huet eis all iwwerrascht, keen hat dat mat ageplangt a mir waren all gefrot ze reagéieren an zwar séier. Mir wossten iwwerhaapt net wat mer maache sollten am Ufank. Mir hunn dunn als éischt emol de Kontakt mat all Partner gesicht an e virtuellt Treffen organiséiert fir ze kucke wéi mir weider virginn. Eng ONG hat eng spezifesch Expertise am Beräich Kommunikatioun. Dës ONG huet eis weidergebilt an zesummen hu mir eis Kommunikatiounsmedien analyséiert. Et war eng flott Erfarung vu géigesäiteger Hëllef a Krisenzäiten.

JS: Huet de Projet missten ugepasst ginn?


Covid-19: Villes leeft per Videokonferenz

CP: Duerch d'Pandemie war et net méi méiglech all Aktivitéiten no Plang duerchzeféieren. All Kris trëfft déi Schwächst an der Gesellschaft am häertsten. Sou och de Covid-19. Mir hunn d'Projete missten upassen an hu se verlängert. Mat all Organisatioun eenzel hu mir misste kucke wéi eng Aktivitéiten erëm kënnen opgeholl ginn a wéi eng net. E puer vun eis hunn sech trotz alle Preventiounsmoossname mam Virus infizéiert. Zum Gléck ni mat engem schwéiere Verlaf. Ech selwer hunn dësen Interview ugefaange wéi ech nach gesond war, elo grad leien ech selwer mat Covid-19 doheem. Et beweist eemol méi dass mir nach ëmmer gutt mussen oppassen an eis Aktivitéiten ëmmer nees mussen iwwerdenken.

JS: Wat war fir dech dee schéinste Moment an dësem Projet?

CP: Wann ech elo zeréck kucke ginn et do 2 Momenter. Den Ufank, wéi alles nei fir mech war an ech mech op des Aventure agelooss hunn. Ech si vum Engagement, vum gudde Wëllen an de positiven Astellunge vun deenen eenzele Projetsgestionnairen ugestach a matgerappt ginn. Anerersäits war et dës Pandemie, well se eis op eng ganz aner Manéier zesummebruecht huet a mir elo nach vill méi als Team schaffen.

Villmools Merci Carmen fir däi perséinlechen Abléck an dëse Projet.

Jil Streber

### Contact Action pour un Monde Uni

Siège Social/Bureau
11, Kiirchestrooss L-5741 Filsdorf
Les permanences du bureau:
lundi à jeudi toute la journée
Tél: 26 67 12 61 - office@amu.lu - www.amu.lu
www,facebook.com/ActionpourunMondeUni
www.instagram.com/ActionpourunMondeUni

### Le conseil d'administration

Claude Metz (président), Bechara Ziade (vice-président), Jean-Paul Frank (trésorier), Brigitte Wciorka (secrétaire), Christiane Stein, Marianne Harpes, Carmen Steichen, Tom Steichen (membres)

Jil Streber et Claude Steichen
(gestionnaires de projets)
Claudine Klein (bénévole au bureau)

## *... Gardons le contact: 6 ans après les tremblements de terre au Népal*

Après les tremblements de terre dévastateurs de 2015, les deux centres de santé «Chhatre-Deurali Dadhing» et «Dev Bhumi Baluwa» étaient complètement détruits. Toutes les infrastructures étaient effondrées et le personnel médical devait travailler dans des endroits ouverts.

Ces centres médicaux étaient d'une importance primordiale pour la population vivante dans l'arrière-pays et dans des vallées éloignées des villes. Les routes vers les centres étaient toujours dangereuses et souvent impraticables, surtout pour des personnes malades ou blessées. Depuis que ces centres ne fonctionnaient plus, la population n'avait pratiquement aucun accès à des soins médicaux. Afin de venir en aide aux personnes sinistrées du séisme et d'assurer une reconstruction de ces postes de santé, AMU s'était uni à Nepalimed Luxembourg en 2015.

Les travaux de reconstruction avaient commencé en 2016. Depuis fin 2018, les deux centres sont à nouveau opérationnels. Le poste de santé «Chhatre-Deurali Dadhing» a été rénové et le poste de «Dev Bhumi Baluwa» a dû être complètement reconstruit.

Une bonne gestion de projet prévoit que, de temps en temps, AMU relance les relations avec des partenaires afin de s'assurer du bon fonctionnement des projets. De plus, il nous parait essentiel de présenter aux donateurs de l'AMU et au Ministère de la Coopération, une situation actualisée sur un projet réalisé dans le passé. Nous essayons toujours de garder le contact avec nos partenaires des différents pays.

Dans ce contexte nous avons contacté Roshan Mahato, employé du Dulhikal Hospital et gestionnaire de projet en charge de la supervision des projets de reconstruction des deux postes de santé réalisés de 2016 à 2018.


Hôpital Dey Bhumi Baluwa

Il est à soulever que les centres n'ont pas perdu en importance après la réouverture. Le nombre de patients handicapés ayant besoin d'un soutien physique, mental, financier et social a augmenté considérablement après les tremblements de terre. De plus, les centres ont dû faire face à une hausse de patients souffrant de troubles post-traumatiques.

Aujourd'hui, les deux centres sont bien équipés. Chaque centre occupe 5 personnes du domaine médical, à savoir un médecin ou "medical officer", une infirmière, un assistant en pharmacie, un laborant et un(e) assistant(e). Chaque centre dispose d'un équipement médical adéquat et nécessaire afin d'assurer une bonne prise en charge de patients.


La salle d'opération au rez-de-chaussée

Le bâtiment du centre «Dev Bhumi Baluwa» est bien équipé avec 22 chambres pour fournir des services de santé médicaux complets. Le rez-de-chaussée est utilisé à des fins cliniques, tandis que le premier étage est utilisé à des fins résidentielles.

Le rez-de-chaussée est composé d'une salle d'opération, d'une pharmacie, d'un laboratoire et d'une salle de radiographie. De plus, une salle de soins dentaires ainsi qu'une salle d'accouchement ont pu être installées. Le premier étage comprend 4 chambres pour le personnel, une cuisine et une salle de réunion.

Le centre «Chhatre-Deurali Dadhing» est d'une dimension un peu plus petite, mais présente pratiquement la même infrastructure. La capacité d'accueil est moins importante. 15 lits peuvent être mis à disposition au maximum. Le centre n'a pas été reconstruit après les treble-

ments de terre, par conséquent, une augmentation des surfaces n'étaient donc pas possible. Nepalimed du Luxembourg a soutenu encore le centre par le financement d'un appareil à rayon-x, qui après deux ans de blocage dû à la pandémie, est finalement arrivé fin mai 2021. Actuellement, les deux centres accueillent entre 30-40 patients par jour.



En salle d'attente avant la pandémie

Vue la situation catastrophique par rapport à la pandémie du Covid-19 en Inde, il était clair que le Népal ne serait pas épargné. Les deux centres étaient d'ailleurs bien conscients de la situation à venir et on avait déjà commencé à se préparer en coordination avec le département communautaire de l'hôpital de Dhulikhel.

Une structure de séparation a été mise en place pour les personnes présentant des symptômes du Covid-19 et on essaie de tester les gens selon les capacités disponibles. Les tests sont analysés à l'hôpital de Dhulikhel. De plus, l'ensemble du personnel a été sensibilisé à la sécurité personnelle, aux précautions à prendre et à la protection.

Cependant, tout le monde avait peur de cette force inconnue et invisible. C'était un grand défi de sensibiliser les gens au coronavirus et de leur faire comprendre la nécessité de se laver les mains, de prendre ses distances et de porter un masque correctement.



Covid-19: Consultations à l'extérieur de l'hôpital

Malheureusement, avec l'émergence d'une nouvelle souche du virus, la situation s'aggrave davantage. Avec l'augmentation du nombre de décès, le nombre de patients souffrant d'anxiété, de dépression et de paniques a aussi augmenté. Avec des ressources limitées et des infrastructures peu adaptées, la bataille semble difficile mais les deux centres sont prêts à affronter la situation avec le soutien continu de l'hôpital de Dhulikhel et des autorités locales.

Claude Steichen

## *... Fräi Tribün*

**Hannert de Kulissen vun eiser ONG – dem Anna säin Stage**

Reegelméisseg hu mir bei der AMU fläisseg Hänn déi eis an eiser Aarbecht ënnerstëtzen. Vill Jonker interesséieren sech fir d'Aarbecht vun enger ONG a wëllen sech engagéieren. Mir probéiere reegelméisseg jonke Leit d'Chance ze ginn e Stage oder Volontariat bei eis ze maachen. Sou huet d'Anna Hatz, 16 Joer, an der Ouschtervakanz e klenge Stage vun 2 Woche bei der AMU um Büro gemaach. Mir wollte wësse wat dem Anna seng Motivatioun war a wéi et him bei eis gefall huet.



Merci Anna fir deng Hëllef

JS: Firwat wollts du e Stage bei enger ONG/bei der AMU maachen?

AH: Mech huet et schonns ëmmer interesséiert, wéi et hannert de Kulisse vun enger ONG ausgesäit. Ausserdeem wollt ech mech schonns säit längerer Zäit engagéieren, an dat heite war déi perfekte Méiglechkeet.

JS: Wat hues du wärend dengem Stage geléiert?

AH: Ech hu verstan, dass immens vill Aarbecht hannert enger ONG an de Projete stécht. Et géing ee jo mengen, dass een dat och alles am Benevolat maache kéint. Dat ass awer eng Saach vun der Onméiglechkeet, well et ginn esou vill verschidden Aarbechten, sief et hei zu Lëtzebuerg oder um Terrain zesumme mat de Partner, dass een einfach Leit brauch, déi um Büro schaffen.

JS: Wat huet dir gutt gefall? Wat hëls du mat op däi Wee?

AH: Ech war immens frou, dass ech sou aktiv matschaffe konnt. Ech hat sou d'Meiglechkeet, een méi déiwen Abléck an déi spannend Aarbecht ze kréien. Ausserdeem hunn ech lo Loscht, mech nach méi fräiwëlleg ze engagéieren. Duerch dëse Stage hunn ech gesinn, dass et sech lount, sech fir eng besser Welt anzesetzen.

JS: Géifs de nach eemol erëm kommen?

AH: Op alle Fall! Um Büro bei der AMU herrscht eng mega Atmosphär, do schafft een einfach gäre mat. Ech géing och no mengem Stage nach gäre weiderhëllefen, d'Aarbecht huet mir immens Spaass gemaach.

Mir soen dem Anna villmools Merci fir seng wäertvoll Hëllef a säin Interessi. Eis huet et och vill Freed gemaach, Anna, dech um Büro bei eis ze hunn.

Falls och du interesséiert bass un engem Stage bei eis um Büro, oder un engem Service Volontaire de Coopération iwwert den SNJ an engem vun eise Projeten, dann mell dech bei eis. Opgrond vun der aktueller schwiereger Situatioun a ville Länner, ass momentan awer leider kee Volontaire an engem vun eisen Projeten.

Jil Streber

## *... MERCI pour votre solidarité !*

Il nous tient à cœur de dire un grand MERCI à toutes les personnes qui nous soutiennent avec leurs dons, leur temps et leurs idées et qui rendent ces projets ambitieux possibles.

Nous aimerions féliciter les jeunes pour deux actions concrètes qui ont été lancées pour soutenir des projets de coopération au développement. A l'occasion de leur première communion, les enfants de la «Paroisse Atertdall Sainte Claire» ont lancé une collecte de dons et ont récolté 2.915 € fin 2020 ! Les élèves en classe terminale du Lycée Classique de Diekirch en 2020 ont fait un don de 1.500 € en faveur de l'AMU. Merci !

Nous aimerions aussi souligner le soutien généreux des diverses communes de notre pays. En 2020 et en 2021, nous avons reçu des dons généreux de la part des communes de Beckerich, Bettembourg, Dalheim, Differdange, Grosbous, Kehlen, Lintgen, Mamer, Mersch, Mertert, Niederanven, Saeul, Sandweiler, Steinfort, Useldange et Waldbillig. Toutes ensemble, ces communes ont soutenu nos projets à hauteur de 69.790 €, merci beaucoup.

Après plus de 30 ans, la paroisse de Dudelange a décidé de mettre fin à ses activités de solidarité envers des projets de coopération. A travers beaucoup d'activités, la paroisse a collecté plus de 268.000 € au fil du temps, dont l'AMU a souvent été bénéficiaire. De très belles actions ont été lancées et nous en garderons pleins de beaux souvenirs. Un grand Merci à Monsieur Hubert Braquet et à la Soeur Edith, qui se sont toujours occupés de l'organisation de ces activités avec beaucoup de dévouement. En 2020, nous avons reçu encore 2.500 € de la paroisse de Dudelange !



Remise de chèque du Buttek Mosaïk

Buttek Mosaïk, une épicerie locale à Filsdorf qui travaille cent pourcent en bénévolat, a remis un chèque de 12.664 € pour divers projets de l'AMU. Un grand Merci aux bénévoles et aux clients du Buttek Mosaïk ! Début 2021, le «Club Minett Soroptimist» a décidé de donner 4.000 € pour l'extension de la maternité et pédiatrie NURU à Dar es Salaam. Merci aussi pour ce soutien précieux.

Jil Streber

**Comment soutenir nos projets?**

**Vous pouvez manifester votre générosité par un don au profit de**

**Action pour un Monde Uni**
**BIL: LU14 0021 1349 0900 0000**
**CCP: LU83 1111 1287 6344 0000**

**Tous les dons en faveur de nos projets sous accord cadre sont cofinancés par le MAEE (80% pour les projets en Ouganda, Tanzanie et RDCongo, 60% pour les projets au Brésil, en Argentine et en Bolivie).**

Toute personne effectuant un don en faveur de l'Action pour un Monde Uni asbl, reçoit trimestriellement par voie postale une quittance reconnue par l'Administration des Contributions du Grand-Duché, ce qui permet de bénéficier du droit d'exonération fiscale.

Faites un don avec votre application mobile Digicash (1,55% commission HTVA)

DIGI CASH® MOBILE PAYMENTS

Si vous désirez recevoir notre bulletin par email, merci de nous faire un email à office@amu.lu

Conformément au règlement RGPD, AMU tient à vous informer que toutes vos données personnelles sont utilisées strictement pour des besoins internes et qu'elles sont enregistrées pour une durée maximale de 5 ans. Si aucune opération auprès de l'AMU s'effectue durant ces 5 ans, toutes vos données personnelles seront supprimées. Si vous désirez être retirés de notre base de données auparavant, merci de nous informer par email.